St Fam Bailleux-SeilerJunglinster 10.45 **Mass** 1. Jm Henri Kerger / Jeanne a Frédéric Fandel-Olinger /
Nico Kirpach / St Fam Schmitt-SchmitGirsterklaus 15.30 **Rousekranz** - keng AndachtEchternach 18.30 **Owesmass** St Fam Dienhart-Gillen-Feltes

Méindes 06.05.

Echternach 09.00 **Mass (Krypta)** z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de PilgerEchternach 10.00 **Pilgermass** Kevelaer

Dënschdes 07.05.

Echternach 09.00 **Mass**CIPA-Consdorf 10.30 **Mass** St Abbé Jean Hoffmann a Fam (H 2000)Echternach 19.00 **Date mat Gott** - Gebiet fir Jugendlech

"Der auferstandenen Herr, wird nicht müde, sich immer neu zu zeigen und begreiflich zu machen. Er hört nicht auf, mitten in unser Leben zu treten, uns seinen Frieden zu wünschen und uns, so wie wir eben sind, zu seinen Zeugen und Zeuginnen zu machen."

Sr. Mag. Christine Rod MC

Mëttwochs 08.05.	<i>Selige Clara Fey</i>	
Echternach	09.00	Mass (Muttergotteskapell) Jos Ries a Fam
Beaufort	10.30	Mass (Seniorenresidenz)
Herborn	19.00	Virowendmass an der Natur beim Bëschhaischen vum Hierber Bësch

Christi-Himmelfahrt

Mk 16,15-20

Donneschdes 09.05.	<i>Europadag</i>	
Osweiler	09.30	Mass Felicie a Marcel Schwartz-Schummer duerno Sakramentsprëssessioun duerch d'Duerf
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / St Marianne Bischof <i>dës Mass gët gesongen vun der Chorale vum Cents</i>
Berdorf	10.45	Mass Angelo an Angela Verna-Comes / St Mathias Neises an Elise Schuller / St Léon Stirn an Irma Speller / St Edmond Differding an Eliane Speller
Junglinster	10.45	Mass fir all Wohltäter vun der Lënster Kierch a vun der Par

Freides 10.05.

Echternach	09.00	Mass op Meenung
Junglinster	18.00	Stëll Anbetung
	18.30	Kanner- a Familjemass



Christihimmelfahrt, Codex Egberti

Jesus bricht auf, er wird in den Himmel emporgehoben, das heißt er kehrt heim zum Vater, von dem er in die Welt gesandt wurde. Er hat seine Arbeit getan, daher kehrt er zum Vater zurück. Doch es handelt sich nicht um eine Trennung, da er in einer neuen Weise für immer bei uns bleibt. Mit seiner Himmelfahrt zieht der auferstandene Herr den Blick der Apostel – und auch unseren Blick – zum Himmel empor, um uns zu zeigen, dass das Ziel unseres Weges der Vater ist. Er selbst hatte gesagt, dass er weggehen würde, um uns einen Platz im Himmel zu bereiten. Dennoch bleibt Jesus gegenwärtig und wirksam; er steht einem jeden von uns zur Seite: auch wenn wir ihn nicht mit den Augen sehen – er ist da! Er begleitet uns, er führt uns, er nimmt uns bei der Hand und richtet uns wieder auf, wenn wir fallen.

Papst Franziskus

7. Ouschersonndeg


Joh 17,11-19

Samschdes 11.05.

Echternach	15.00	Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)
Girsterklaus	16.00	Hochzäit Noémie Liesch & Claude Simon
Mompach	18.00	Virowendmass
Bourglinster	18.30	Virowendmass St Fam Maller-Dahm
Echternach	18.30	Virowendmass op Meenung DLHN / St Fam Wilhelm
Echternach	20.00	Messe pour la communauté portugaise
	21.00	Procession en l'honneur de Notre-Dame de Fatima

Sonndes 12.05.

Girsterklaus	09.00	Mass Priscille, Louis-Marie a Félicia
Echternach	09.00	Mass
Hemstal	09.00	Mass Maria an Henri Gaasch-Fisch / St an den Uleies vun den éiwege Stéftungen
Echternach	10.30	Mass fir d'Par / St Ehel Aloyse Ernzer a Marguerite Wagner a Fam
Rospport	10.30	Mass Fam Grosbusch, Kapp, Haas, abbé Aloyse Grosbusch, Catherine Grosbusch
Junglinster	10.45	Mass Fam Berns-Mangen / César a Claude Olinger
Echternach	11.45	Daffeier fir Romina Birmann
Girsterklaus	15.30	Rousekranz
	16.00	Mai-Andacht
Echternach	18.30	Owesmass St Fam Feilen-Schacht



John Blankens

Als Christen sind
wir aufgerufen,
Frucht zu bringen.
Und die schönste,
nährhafteste und
schmackhafteste
Frucht
des Glaubens
ist die Liebe.

Impressum Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord

Oploo: 3000 Ex., kënnst ca 8 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnst de 12. Mee eraus a geet bis de 14. Juli 2024.

Redaktiounsschluss 26. Abrëll 2024

Kontakt

Francis Erasmy, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 📧 ferasmy@pt.lu

Carlo Morbach, Paschtouer, ☎ 621 197083 📧 carlo.morbach@cathol.lu

Luc Schreiner, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052

Anise Metz, Parassistentin, ☎ 720149 📧 aimetz@pt.lu

Josiane Mirkes, Parassistentin, ☎ 621263256 📧 josiane.mirkes@education.lu

Luc Zimmer, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 📧 luc.zimmer@cathol.lu

Konto Parbréif: BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149, 📧 iechternach@cathol.lu

De Parbüro ass op vu Dënschdes bis Donneschdes 10.00-12.00 Auer

oder op Rendez-vous

iwwer Telephon si mir ereechbar.

Vum 25.03. - 02.04. ass de Parbüro zou

Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster, ☎ 780043

Permanence: Mëttwochs 10.00-10.45 Auer a Freides 16.30-17.45 Auer
(de Büro ass zou an de Schoulvakanz)

Konto Massintentiounen:

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000

Kierchefong C.T./ Reg Iechternach

Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer

**Um Internet:**

eist **Parliewen** fannt Dir op: cathol.lu/iechternach
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: basilika.lu
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: lensterkierch.lu



Samschdes 04. Mee 2024

Pilgerdag vun der Par Regioun Iechternach St Willibrord

*All Kanner aus der Kateches kréien en Infoziedel mat Umeldung zougesechkt.
D'Info & Umeldung ginn och an d'Kierchen geluecht.*

Départ Iechternach:

Départ vun de Spezialbussen: 8.00 Auer (Parking a Kack)

Zwëschenhalt: Belle-Vue a Garage Kruft a Lauterbur Millen

Umeldung bis den 01. Mee am Parbüro, Tel.: 720 149 / mail: iechternach@cathol.lu

Retour vun de Bussen: 11.30 Auer bei der Kathedral

Départ Lënster:

08.15 Auer Départ vum Pilgerbus op der Lënster Gare

Umeldung bis den 01. Mee am Parbüro, Tel.: 720 149 | mail: iechternach@cathol.lu

Retour vum Bus: 11.30 bei der Kathedral

Prëssessioun an der Stad:

D'Prëssessioun geet bei der Mëchelskierch fort, iwwert d'Corniche an d'Kathedral.

09.00 Auer: Départ

9.30 Auer: Pilgermass um Votivaltoer

Dënschdes 23. Abrëll

15.00 Auer | Basilika Iechternach

Wallfahrtsmass fir déi eeler a krank Leit

Pilgermass

04. Mee

an der Kathedral

um 9.30 Auer

Oktav Muttergotteskapell Eechternoach

Mëttwochs, 24.04., Samschdes, 27.04. a Mëttwochs, 01.05.

ëm 09.00 Auer Mass

Dënschdes, 30.04.

ëm 18.30 Auer Rousekranz - 19.00 Auer Oktav-Andacht

Donneschdes, 25.04. an Donneschdes, 02.05.

18.30 Auer Stëll Anbetung - 19.00 Auer Vesper

Muttergottesoktave auf der Girsterklaus

Sonntag 21. April - 1. Oktavsonntag

09.00 Hl. Messe
15.30 Rosenkranz
16.00 Oktavandacht

Montag, 22. April bis Freitag 26. April

18.30 Rosenkranz
19.00 Hl. Messe

Samstag 27. April - Hochfest *Maria, Trösterin der Betrübten*

07.00 Fusswallfahrt ab Kirche Rosport
07.30 Rosenkranz
08.00 Hochamt mit gregorianischem Choral
anschliessend Pilgerfrühstück im Kulturhaff Millermolter, Hinkel
==> **Zum Frühstück bitten wir um Anmeldung im Vorfeld auf der Girsterklaus (nach den Gottesdiensten) oder im Pfarrbüro (Tel 720 149, iechternach@cathol.lu) bis zum 24.4.**

Sonntag 28. April - 2. Oktavsonntag

09.00 Hl. Messe
15.30 Rosenkranz
16.00 Prozession und Andacht, Widmung der Erstkommunionkinder an Maria

Dienstag 30. April

14.30 Rosenkranz
15.00 Hl. Messe für die Älteren und Kranken mit Krankensalbung

Sonntag 05. Mai - Schlussoktav

09.00 Hl. Messe
15.30 Rosenkranz

Montag 29. April

Mittwoch 1. Mai bis Freitag 3. Mai

18.30 Rosenkranz
19.00 Hl. Messe



Die Kirche Mariä Himmelfahrt in Eschweiler

Eschweiler wird erstmals 1148 erwähnt in einer Bulle mit der Papst Eugen III. der Abtei Echternach unter anderem den Besitz der Kirche in 'Eschwilre' bestätigt. Möglicherweise bildete die Siedlung damals eine eigenständige Pfarrei. 1570 gab es in Eschweiler eine Kapelle mit Friedhof. Die Gründung der Pfarrei erfolgte 1860. Seit 2018 gehört der Ort zu Pfarrei St. Willibrord Region Echternach.

Den Plan für die 1857 erbaute neogotische Kirche lieferte Architekt Charles Arendt (1825-1910), der bekannteste Vertreter des Historismus in Luxemburg. Das Eschweiler Gotteshaus erinnert unmittelbar an die Muttergotteskapelle am Glacis in Luxemburg. Der Apostolische Vikar Nikolaus Adames weihte das Bauwerk 1867 ein.

An der Giebelspitze über dem Eingangsportal mit einer bekrönenden Madonnenfigur erhebt sich ein eleganter Turm mit einem achteckigen Spitzhelm. Die Seitenfassaden des ganz aus Hausteinen erbauten Werkes sind durch Lisenen in



gleichmäßige Felder aufgeteilt, in denen die schlanken Fenster sitzen. Das Schiff schließt mit einer dreiseitigen Apsis.

Im Innern ruht das Spitzbogengewölbe auf gebündelten Pilastern. Die alten Keramikfliesen im Chor und im Schiff, 1904 und 1907 verlegt, bilden einen schönen Teppich. Bunte Ornamentfenster, die alle das gleiche Grundschema mit Kreuzen, Weinreben und Blumen aufweisen, schaffen eine warme Atmosphäre. Einzig die Apsisfenster weisen Bilder auf, links die Überreichung des Rosenkranzes an den heiligen Dominikus, rechts die Schlüsselübergabe an Petrus. Sie kommen allesamt aus der Werkstatt Wagner in Schnappach in der Pfalz (D) und wurden 1902 angeschafft. Die Sängerempore über dem Eingang wurde erst 1873 eingebaut und 1908 wegen Platzmangels erneuert. 1885 erfolgte die Errichtung der Sakristei nach dem Plan des Architekten Pierre Kemp (1841-1895).

Der Architekt Charles Arendt hat auch die Entwürfe für das Mobiliar geliefert. Das Retabel des Hochaltars schuf Pierre Fischer aus Grevenmacher. Von ihm stammen auch



die Beichtstühle. Die steinerne Kanzel kommt ebenfalls aus Grevenmacher. Die thronende Madonna in der Nische des Hauptaltars, die beiden Engelfiguren und die Statue der Mutter Anna sind aus der Erbauungszeit. Das Bildnis des heiligen Michael, ursprünglich Kirchenpatron, ist dagegen älter. Es stammt aus dem XVIII. Jahrhundert und weist hin auf den

bekanntesten Bildhauer Michel Weiler (1719-1805).

Im Turm hängen zwei Glocken, die 130 beziehungsweise 85 kg wiegen und 1975 gegossen wurden (Mabilon, Saarbürg).

Die Eschweiler Kirche mit ihrer gut erhaltenen Inneneinrichtung stellt ein interessantes Beispiel neogotischer Kunst dar.

Alex Langini

Dat ka net sinn...„Sonntag, erster Tag der Woche“

„Här Paschtouer. Do ass dach eppes falsch. Dir biet sonndes *In Gemeinschaft mit der ganzen Kirche feiern wir den ersten Tag der Woche*. Ma méindes ass dach den éischten Dag vun der Woch.“ esou eng wakreg Massendingerin zu mir.

Hei gesi mir, datt a Kierch a Welt d'Aueren aneschtlers ticken. An eisem weltleche System gëllt no der Norm ISO 8601 a no enger Decisioun an der UNO vu 1978 de Méindeg den éischten Dag vun der Woch. Fir all potentielle Sträit aus dem Wee ze goen, wollt een en Dag huelen, deen a kenger Relioun eng besonnesch Bedeitung hätt. Den Islam kënnt jo de Freideg als hellegen Dag an am Juddentum ass et de Sabbat, de Samsdeg, während bei ons Chrëschten de Sonndeg dee wichtigsten Dag ass. A ganz ville Kulturen a Reliounen ginn et opgrond vun de Moundphase Woche vu siwen Deeg, déi bis haut de Rhythmus vun der Zäit prägen. D'Afféiere vun enger Woch vun zing Deeg no der franséischer Revolutioun an a sovejettescher Zäit Woche vu fënnf Deeg, haten net laang ugehalen.

Fir Judden- a Chrëschtentum gëtt de Schöpfungsbericht a Genesis 1, dee beschreift, wéi Gott d'Welt a sechs Deeg erschafen hat a wéi dee siwenten Dag alles gutt a fäerdeg wor, de verschiddeenen Deeg hier Bedeitung. Dorausser hat sech am bibleschen Israel de siwenten Dag, de

Samschdeg, de Sabbat als den hellegen Dag an als Roudag an der Woch erginn.

Datt mir, Chrëschten, de Sonndeg helleg halen, huet mam Jesus ze dinn. Dem Temoignage vun der Bibel no, a wéi mir et jo och an der Karwoch feiern, ass de Jesus um jüddesch sechsten Dag vun der Woch, also freides, um Kräiz gestuerwen. Wéint der Sabbatrou, an en plus wor dee Sabbat e Feiertag, gouf hien nach am spéiden Nomëtteg vum deem Freideg begruewen. Et wor sonndes, um éischte jüddeschen Dag vun der neier Woch, wou d'Frae an dem Jesus seng Frënn säi Graf eidel entdeckt an dem Operstanene begéint woren. Den Dag, wou Gott säi Schöpfungswierk ugefaangen hat (Genesis), ass zum Dag vun der Erneuerung vun der Schöpfung duerch d'Opersteung ginn (Neit Testament). Als Dag vun der Operstehung, als Dag vum Här (kuckt dee laténgeschen an italienseche Numm *domenica* fir de Sonndeg) huet mat der Zäit am fréie Chrëschtentum dësen de Sabbat verdrängt.

Esou gëllt bis haut am Chrëschten- wéi am Juddentum ma och am Islam de Sonndeg als éischten Dag vun der Woch, während et no weltlecher Zielung de Méindeg ass. Dofir biede mir, trotz anere ISO-Norm an UNO-Decisioun Sonndes „in Gemeinschaft mit der ganzen Kirche feiern wir den ersten Tag der Woche.“

Luc Schreiner

Liestipp...

Franz Kamphaus Der Unbekannte aus Nazaret

Inspirationen zum Markus-Jahr

Patmos Verlag, Ostfildern 2023, 288 Seiten, 22,- €



De Franz Kamphaus war vun 1982 bis 2007 Bëschof vu Limburg. Hien ass 2.2.1932 gebuer a kuckt domat schonn op eng laang Liewenszäit zeréck. Mir ass de Franz Kamphaus säit menger Studienzäit bekannt als ee Mann, dee mat vill Afillungsverméige ganz wäertvoll spirituellt Bicher verfaasst huet.

Dëst lescht Buch vun him ass wuel an déi Kategorie anzereien. Am Moment si mir an eise Sonndesmassen an der Liesuerdnung am Markus-Joer. Dat heescht et ginn haaptsächlech Auszich aus dem Evangelium vum Markus gelies. Zu all Sonndeg am Joer huet de Kamphaus a sengem Buch Gedanke formuléiert, déi hien zum groussen Deel als Priedegten an de Gottesdéngher virgedroen huet. Si sinn eng déif Inspiratiounsquell fir jiddereen. D'Sprooch ass net héich-theologesch. Si ass fir jidderee verständlech a kann esou och

jidderengem en Impuls zum jeeweilege Sonndeg bidden.

An enger Zäit, wou vläicht net méi jiddereen de Wee fënnt oder och keng Geleeënheet huet, fir Sonndes ee Gottesdéngher selwer mat ze feieren, ass et eng wäertvoll Hëllef, fir mat der Bibel an de Gedanke vum Auteur dach awer ee Moment Rou ze fannen an sech an déi grouss Famill vun de Chrëschten anzereien, déi Sonndes zesumme kommen a bidden. Ech hunn den Androck, dass et ganz wichteg ass, dass een als Chrëscht de Sonndeg och markéiert. Mir sinn natierlech an enger Welt, déi esou komplex a komplizéiert ginn ass, dass villes net méi esou funktionéiert wéi fréier. Dofir sinn esou spirituellt Begleeder vun enger grousser Wichtigkeet. Jiddereen, dee well, kann sech sech selwer seng Zäit huelen a meditieren, nodenken iwwer sech a säi Glawen. Genee déi Hëllef wëll dëst Buch bidden. Déi eenzel Texter lueden dann och an, fir weider ze denken. Si sinn Ureegung, fir dat eegent Liewen ze betruechten a vläicht och nei ee Wee zu Gott ze fannen. Op alle Fall léist de Kamphaus ee matgoen op engem Wee, deen een ëmmer méi no un d'Botschaft vu Jesus Christus féiert. Un sech ass et kloer, dass jidderee selwer säi Wee muss goe mat der Botschaft, wann en dat da wëll. Hei ass eng schéin a gutt Uleedung dozou.

Dieter Vieweger Streit um das Heilige Land

Was jeder vom israelisch-palästinensichen Konflikt wissen sollte


Gütersloher Verlagshaus, Gütersloh, 8. Auflage, 2023, 384 Seiten, 22,- €

Mir sinn all Dag op e Neits entsat iwwer dat, wat am Hellege Land geschitt.

Israeeliën a Palestinenser stinn sech ouni Versteesdemech an ouni Versöhnung géint iwwer. Dass ech mech kann erënnere, gouf et ëmmer erëm Zäiten, wou gekricht gouf. Heiansdo gouf et Hoffnung op ee Fridden. Awer no kuerzer Zäit ass deen erëm gebrach ginn an de Sträit ass nei ugaangen. Terror vun der enger Säit, Ënnerdréckung vun der anerer Säit, Onverständnis ee fir deen aneren op béide Säiten, all dat féiert an ee bal éiwege Sträit. Wou kënt dat alles hier? Wat ass de Grond vun deem Sträit an deene grausamen Ausenanersetzungen?

Den Auteur Dieter Vieweger geet hei a sengem fundamentele Wierk dem Sträit op de Fong. An engem éischte Kapitel versicht hien d'Grondlagen an d'Geschicht vum Konflikt ze klären. Dofir muss een déi besonnesch Situatioun vum Land, déi natierlech Gegebenheeten, d'wirtschaftlech Viraussetzungen a munches méi beuechten. An dësem Gebitt spillt haut schonn d'Versuergung mat Waasser eng ganz wichteg Roll. An och si ass ëmmer nees ee grouse Sträitpunkt. Ganz wäit an der Geschicht, scho laang virun eiser Zäitrechnung, muss een ufänken, fir dee Konflikt am Hellege Land a senger ganzer Dimensioun a Bedeitung ze verstoen.

Am zweete Kapitel versicht den Auteur deenen eenzelen Traditiounen a Mythen op d'Spuer ze kommen. Déi jüddesch wéi och déi arabesch Aart fir op dëst Land ze kucken ass net ëmmer kompatibel a féieren zum Deel och a géigesätzlech Uspréich op déi helleg Plazen am Land. Den Tempelberg zu Jerusalem ass déi Plaz par excellence, wou sech ëmmer nees de Sträit entzünd. Wien huet méi Recht op des Plaz? Wien huet do als éischten Usproch? All déi Froe mussen am Eescht diskutéiert ginn. Awer si wäerten nëmme ganz schwéier zu enger Eenegung féieren, déi alle Säite



gerecht gött.

An engem drëtten Kapitel geet den Auteur op d'Geschicht zënter 1882 an. Mat dem Entstoe vun der zionistescher Iddi ab 1882 ass eng Bewegung entstanen, déi d'Judden hiert Ursprongsland erëm nei entdecke gelooss huet. Mat dem Opkomme vum aggressiven Has op d'Judden hei an Europa, hunn sech vun do un ëmmer méi Leit an Israel oder Palästina niddergelooss an hu versicht een neit Liewen op ze bauen. Sou sinn dann och ëmmer méi jüddesch Siidlungen an Israel entstanen. Déi politesch Situatioun ass extreem komplex gewiescht an huet zënter dem éischten Weltkrich schonn zu gréisseren Konflikter gefouert. 1948 ass dunn de Staat Israel gegrënnt ginn, wat dann och an deene folgende Joerzénge zu ëmmer neie Streidereie gefouert huet. Eng ganz Rei u Kricher waren d'Folleg.

An deene leschte Joren hu mir ëmmer méi gesinn, dass all Verhandlungen ëm Fridden ni gréisser Erfolgeger haten. Vill Beméiunge sinn am Sand verlaf oder si ganz einfach duerch nei Terrorschläi vernicht ginn. Den Auteur zielt minutieus déi ganz Kricher a Beméiungen ëm Fridden op. Säi Buch ass en eenzege Kompendium, an deem een déi eenzel Etappe vum Konflikt noliese kann.

Ergänzt gëtt den Text duerch ee kleng Lexikon mat wichtege Wierder an Ausdréck a mat enger längerer Lëscht vu Literatur zum Thema. Ech sinn iwwerzeegt, dass dëst Buch ee gudde Beitrag ass, fir sech selwer mat deem ganze Konflikt ze beschäftegen

an esou munch Situatioun dann och besser ze verstoen. Et ass ee Buch, dat versicht alle Säiten an deem Konflikt gerecht ze ginn an si ze verstoen an hiren historieschen, wéi reliésen a politeschen Uleies.

Carlo Morbach

Bibelwender

Mir liesen d'Markusevangelium

An 10 Owender verdéiwe mir déi eenzel Abschnitter vum Markusevangelium.

Méindes vun 19.30 - 21.30 Auer

Veräinshaus (passage des Demoiselles, Iechternach)

Leedung: Tom Osborne, pensionéierte Bibelprofesser

Datumer Bibelwender:

18. März Mk 2,1-3,35

15. Abrëll Mk 4,1-6,6a

29. Abrëll Mk 6,6b-8,30

13. Mee Mk 8,31-10,45

03. Juni Mk 10,46-12,44

17. Juni Mk 13,1-37

08. Juli Mk 14,1-72

30. September Mk 15,1-47

14. Oktober Mk 16,1-9

Umeldung fir d'Bibelwender

Numm/Virnumm _____

Mail-Adress _____

Telefon _____

*Ech melle mech un a sinn averstanen, dass meng Donneeën
exklusiv fir d'Organisatioun vun de Bibelwender benotzt ginn.*

Ënnerschrëft _____

Ofginn/mailen un: iechternach@catho.lu | Parbüro 12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach





UergelPunkt 12

Basilika - Freides 12h00-12h30

31.05.	Jos Majerus
07.06.	Stefan Mahr
21.06.	Jehanne Strepenne & Rosch Mirkes
05.07.	Julien Landers
12.07.	Jörg Schreiner

Quête à la Sortie

SAVE THE DATE - EECHTERNOACHER UERGELSUMMER | 09.8. - 23.08.2024 | Freitags | 20H

Concert mam Franz-Schubert-Chor, Hamburg

Freideg 24. Mee | 20.00 Auer | Basilika

A Capella Musik mat Wierker vum Rheinberger, Mozart, Britten, Pärt an Mäntyjärvi.
Direktioun: Christiane Hrasky

Léiwe Lieser vum Parbréif

De Parbréif kënt 8 mol am Joer eraus, mat enger Oplo vun 6500 Exemplaren, a gëtt gedréckt an der Imprimerie de l'Est. De Käschte-punkt läit bei ronn 16.500 €. Eis ass de Parbréif dat wäert, well et wichteg ass e gudden Zougank zu eise Leit ze hunn. Fir d'Kierche-fabriken ze entlaaschten, maache mer en häerzlechen Appel un Iech, fir Iech fräiwëlleg un dëse Käschten ze bedeelegen. E grouse Merci fir all Hëllef an Iwwerweisung.

BCEELULL LU54 0019 5055 3954 5000
Kierchefong C.T./Reg Iechternach

Dëst & dat...

Parbüro

Vum **25.03. -02.04. ass de Parbüro zou.** Iwwer Telephon a Mail si mir ereechbar (720 149 - mail: iechternach@cathol.lu).

Du **25.03.-02.04. le bureau paroissial est fermé,** nous sommes joignables par téléphone ou par mail (tel.: 720 149 - mail: iechternach@cathol.lu).

Beichtgelegenheiten

Echternach	Jeden Samstag	15.00-15.30	Beichtgelegenheit
	Karsamstag 30. März	09.00-10.30	Beichtgelegenheit
		15.00-16.00	Beichtgelegenheit
Junglinster	25. März	18.30	Bussgottesdienst mit Beichtgelegenheit

In der Gemeinde Rosport-Mompach: Karsamstag nach dem Gebet gegen 11.30 Uhr

Informationen fir eis Koschteren

Nom Gloria vu Gréngendoneschdeg lauden d'Klacken net méi. An der Ouschternuecht beim feierlechen Gloria lauden d'Klacken d'Ouschterfreed an. Vun deem Moment u lauden d'Klacken och nees zu de gewinnten Zäiten an eisen Uertschaften. Dofir denkt drunn: D'Klacke lauden net vu Gréngendoneschdeg owes bis d'Ouschternuecht, an deementspriedend d'Klackenautomaten auszeschalten.

Krankebesuch a Krankekommunioun

Wann dir, an der Ouschterzäit, d'Krankekommunioun oder en Hausbesuch wëllt, da meld lech w.e.gl. bei engem Member vun der Pastoraléquipe oder am Parbüro

Klibberen op de Kardeeg

Et ass eng al Traditioun, datt op de Kardeeg d'Kanner an d'Jugendlech, resp. d'Massendénger, als Ersatz vum Laudan vun de Klacken klibberen ginn. Mir wiere frou, wann sech och dëst Joer vill Kanner a Jugendlech an all eisen Uertschaften kéinten engagéieren an deen Déngscht fir eis Par iwwerhuelen. Mellt iech bäi de Verantwortlechen oder bei der Pastoralékip. Natierlech ginn d'Klibberkanner och um Karsamschdeg ophiewen. Denkt also drunn a gitt hinnen eng kleng Belounung.

Ouschterfeier - Ouschternuecht

Zënter e puer Joer këmmere sech d'Echternacher Guiden a Scouten St Willibrord em d'Ouschterfeier um Parvis vun der Basilika. Hinnen e grouse Merci fir dësen Déngscht.

No der Feier vun der Ouschternuecht deelen d'Guiden a Scouten Ouschtereeër aus a si invitéieren eis op e Patt um Parvis!



Publications de Mariage

Publicaciones matrimoniales (c. 1067) Párouisse Région Echternach St Willibrord

Ducharme André Joseph Georges et Iranzo Garcia Estefania

Date et lieu du mariage religieux : 26/04/2024 à Tarragona Cathédrale (E)

Da Costa Fernandes Duarte et Freire Dos Santos Cristina

Date et lieu du mariage religieux : 01/06/2024 au Sanctuaire Do Sameiro, Braga (P)

Communauté portugaise

Durant le mois de mai, prière du chapelet
tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique.



Eechternoacher Massdéiner

• Ouschterkärerzen

D'Eechternoacher Massdéiner verkafen **Ouschterkärerzen**


Pällemsonndeg an Ouschteren vir a no de Massen.

1 Kärerz: 10 € - 3 Kärerzen 25 € an 5 Kärerzen: 40 €

• Generalversammlung

Donneschdes, 18.04. ëm 20.00 Auer am Veräinshaus

Lourdeswallfahrt vum 20. bis den 25. Juli



Eng Pilgerrees mat der Äerzdiözes Lëtzebuerg komfortabel am direkten TGV Metz-Lourdes fir am Glawe gestärkt ze ginn a nei Kraft fir den Alldag ze fannen.

Um Programm: Gemeinsam Gebiedsmomenter an der Lourdesgrott, Massfeier, Krankensalbung, Beichtfeier, Sakraments- a Liichterpréssessiounen vum Sanctuaire, Zäit fir stëll Besënnung a Gesellegkeet, présidéiert vum Mgr Leo Wagener.

D'Krankewallfahrt gëtt vun engem Dokter an de Foulards Blancs betreit.

Weider Informatiounen an Umeldung:

Valid Pilger: Pilgerbüro, Tel 436 051-379
(Do + Fr 8-12h), pelerinages@cathol.lu

Krankewallfahrt:

Marie-Claire Rasqué, Tel 23 620 720

>>> cathol.lu

Catéhèse en Paroisse

Luc Zimmer, Titularkatechet,

☎ 26720376, ✉ luc.zimmer@cathol.lu

Parbüro: ☎ 720 149 ✉ iechternach@cathol.lu



Gottesdénsgchter fir Kanner

- zu **Bäerdref** an der Kierch, Gréngendonneschdeg, 28.03. ëm 18.00 Auer
 - zu **Befort** an der Kierch, Samschdes, 23.03. ëm 18.00 Auer:
 - zu **Bech** an der Kierch, Samschdes, den 30.03. ëm 11.00 Auer
 - zu **Iechternach** an der Basilika: all Mëttwochs 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
 - zu **Lënster** an der Kierch: all Freides ëm 18.30 Auer Kanner- a Familjemass
 - zu **Rouspert** an der Kierch, Méindes, 25.03. ëm 18.00 Auer Knergottesdénsgcht - Freides, 29.03. ëm 17.00 Auer Kräizwee
- Girsterklaus**, an der Kapell Méindes. 22.04. ëm 18.00 a Sonndes 28.04. ëm 16.00 Auer
- An de Schoulvakanzen si keng Knergottesdénsgchter*

D'Lënster Kierchemaischer...

...ass e Projet fir Kanner aus der Spillschoul a vum Cycle 2.1, all zwou Wochen Freides vun 18.15-19.15 Auer (ausser de Schoulvakanzen). Déi nächst Treffen sinn am Parzentrum vu Lënster (15, rue du Village) den: **19.04. - 03.05. - 17.05.**

*...un projet au sein de l'église, pour les enfants de la Spillschoul et du cycle 2.1, le vendredi, toutes les deux semaines de 18h15 - 19h15 (à l'exception des vacances scolaires), au centre paroissial de Junglinste (15, rue du village).
Prochaines dates: 19.04. - 03.05. - 17.05.*

Date mat Gott

Gebietsmoment fir Jugendlecher

Den Date ass och eng Virbereedung op d'Firmung!

Déi nächst Treffe sinn:

Iechternach 19.00 Auer an der Basilika:

26.03. - 23.04. - 07.05. - 04.06.

Lënster 18.00 Auer am Parzentrum (15, rue du Village)

16.04. - 30.04. - 14.05.



Dat (Vir-) Lescht

In der Mittagspause klingelt das Büro-telefon. Vor Schreck fällt Herr Trost das Butterbrot aus der Hand. Er hebt ab und schimpft: „Wissen Sie, wie spät es ist? Was fällt Ihnen ein, hier mitten in der Pause zu stören?“ – „Stören? Na hören Sie mal! Wissen Sie überhaupt, mit wem Sie sprechen? Hier ist der Direktor!“ Darauf Trost: „Wissen Sie denn, mit wem Sie sprechen?“ – „Nein.“ – „Dann ist ja gut“, sagt Herr Trost und legt auf.



Stefan hat einen Sack voller Nüsse und knackt genussvoll eine nach der anderen. Da kommt sein Bruder Noah und fragt: „Schmecken die gut? Krieg ich was ab?“ Stefan reicht ihm eine Nuss. „Nur eine?“ – „Eine reicht, die schmecken alle gleich.“

TIM & LAURA www.WAGHNBÜNGER.de



AUFERSTEHEN AUS ALLER ENGE

Auferstehen
aus aller Enge

Auferstehen
aus Einsamkeit und innerer Leere

Auferstehen
aus Streit und Unversöhnlichkeit

Auferstehen
aus Angst und Zweifel

Auferstehen
aus Tränen und Leid

Auferstehen
aus Not und Gefahr

Auferstehen
aus Hoffnungslosigkeit

Auferstehen
aus Lieblosigkeit und Hass

Auferstehen
aus aller Unmenschlichkeit

Auferstehen
aus dem Tod

Auferstehen
und leben

Ewig leben

Helene Renner